Association Nationale des Infirmières
et Infirmiers du Luxembourg

Vendredi, le 24 février 2023

**Communiqué de presse : D'Infirmièren an Infirmieren an der Visioun 2030 vun der Spidolsfederatioun (FHL). Eng Quantité négligeable?**

D'Spidolsfederatioun (FHL) huet en halleft Joer no der Virstellung vun der LëtzCare Etüd an een Dag no eiser Pressekonferenz, hiert *Livre blanc* virgestallt, dat vun engem Aarbechtsgrupp «Visioun 2030 » erschafft gouf.

Obwuel d'Institutiounen an Patrons e puer Verännerungen déi och d'Infirmièren/Infirmieren betreffen präsentéieren, feelen eis Léisungsvirschléi fir déi Problemer un der Wuerzel ze packen, déi an der LëtzCare Etüd identifizéiert goufen. Mir hunn d'Impressioun, wéi wann d'Visioun 2030 vun der Spidolsfederatioun d'Haltung vun enger Mannerwäertegkeet vum Fleegepersonal am Verglach zu den medezineschen KollegInnen reflektéiert. Sënnbildlech kennt d'Wuert « Infirmière/Infirmier » an der Präsentatioun keng eng Kéier fir. Och ass keen Directeur des soins bei der Pressekonferenz präsent. Mir fillen eis ewéi eng *quantité négligeable*.

Enner anerem beschreift d'Spidolsfederatioun d'Attraktivitéit vun der Spidolsmedezin ze erhéijen andeems d'Dokteren aktiv bei der Verbesserung vum Aarbechtsëmfeld matwierken kennen. Vun den aneren Gesondheetsberuffer ass nees keng Ried. Dobäi soll den Finanzsystem d' « *relation triangulaire médecin-hôpital-patient* » encouragéieren. Dëst kléngt, wéi wann den Patient wärend sengem Openthalt keng Relatiounen mat aneren Gesondheetsberuffer hätt. D' Visioun vun der FHL ass och, dass den *corps médicale* 2030 aktiv un der *Gouvernance institutionelle* participéieren kann. Wierklech innovativ wier d'Participatioun vun engem interdisziplinären Conseil gewiescht.

D'Dokument selwer hält sech glécklecherweis net esou streng un d'Visioun a geet e bëssen méi wäit. Mir begréissen, dass d'FHL déi zwee geplangten Formatiounsniveauen vun den Infirmièren (BTS an Bachelor) grad wéi d'ANIL net gutt heescht. Och rechnen mir der Spidolsfederatioun un, dass si eng Erweiderung vun den Attributiounen vun den Infirmièren an Infirmieren an eng Entlaaschtung vun der administrativer Aarbecht uviséieren. Dobäi fuerderen si, dass den Rôle vun den professionellen Associatiounen am *Conseil Scientifique Domaine de la Santé* gestäerkt soll ginn.

ANIL
Association Nationale des Infirmières
et Infirmiers du Luxembourg

Allerdéngs gëtt d'Visioun 2030 dem Spidol als interprofessionell Institutioun wou een op Aanhéicht kollaboréiert net gerecht. Beispillsweis schéngen am Rapport d'Infirmièren/Infirmieren am Verglach zum medezinesche Kolleeg duerch eng aner Qualifikatioun asetzbar « *À la différence de la pénurie médicale, celle dans certaines professions de santé spécialisées peut être compensée par le recrutement d'une autre qualification dans d'autres services.* ». Och kenne mir net novollzéihen, wisou d'Infirmière am Verglach zum medizineschen Kolleeg weder Telekonsultation nach Homeoffice soll kenne maachen (vgl. Telenursing, Bürosdeeg fir Qualitéitsverbesserungsprojeten,…). Genau sou sollen d'Mesuren fir d'Flexibilitéit vun den Aarbechtszäiten och fir Infirmièren/Infirmieren diskutéiert ginn, genee sou wéi den Schaffplang méi wäit wéi nëmmen 10 Deeg am viraus muss veréffentlecht ginn fir eng gesond Work-Life-Balance ze garantéieren.

Eng aner Ausso ass, dass den gréissten Käschtepunkt dat administratiivt Personal an déi aner Gesondheetsberuffer duerstellen. Dëst ass net verwonnerlech well mir 9000 Persounen am Verglach zu 1000 Dokteren sinn. Mir géingen dowéinst eng pro-Kapp-Berechnung fir déi ënnerschiddlech Gruppen recommandéieren, fir dës Ausso wierklech interpretéieren ze kennen. Och ginn deelweis Aufgabeberäicher vun den Infirmièren/Infirmieren un d'medezinesch KollegInnen ofginn (siehe Aufgaben vum Generalist an der Visioun zur Preventioun an d'Gesondheetspromotioun). Dëst mëscht Versuergungs- ewéi käschtentechnesch net vill Sënn, well den Hausdokter dann nach manner Zäit fir déi Betraffen huet, déi eng medezinesch Versuergung brauchen. Méi zielféierend wier hei d'Konzept vun der Gemengeninfirmière. Schlussendlech wier eng wierklech problembaséiert Visioun, wann d'Spideeler 2030 eng Akkreditatioun als MagnetHospitals géinge maachen, d.h. sech gezielt zu engem Spidol entwéckelen dat esou gutt funktionéiert, dass se d'Gesondheetspersonal unzéien.

An hirem *Livre blanc* versprécht d'FHL vill : « *L'attractivité de tous les métiers de santé est promue par des choix politiques innvovants.* » an eis stellen sech Froen déi mir gären géingen debattéieren :

- Wou kënnegen déi genannten Innovatiounen sech fir d'Infirmièren an Infirmieren an der Visioun un?
- Wéi soll d'FHL innovativ politesch Entscheedungen am Sënn vun all hiren Mataarbechter treffen, wann hier Visioun no enger Pandemie an enger gläichzäiteger Penurie aner Gesondheetsberuffer ausschléisst?
- Wéi eng Roll hunn d'Directions des soins bei der Definitioun vun der Visioun 2030 gespillt ? an
- Wéi vill Matsproocherecht hunn d'Directions des soins an der FHL ?

Mir leeën der FHL un d'Häerz, hier Visiounen vum Livre blanc an Zesummenaarbecht mat Infirmièren/Infirmieren evtl. den neien Professeren an der Fleegewëssenschaft (Uni.lu) weider ze entwéckelen fir dass aus dem Livre blanc en innovatiivt an richtungsweisend Dokument fir all d'Gesondheetsberuffer an der FHL gëtt.

Fir den Verwaltungsrot vun der ANIL
Anne-Marie Hanff
Präsidentin